LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4219 vum 9. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet “droit de parole des conseillers communaux lors des séances du conseil communal”.

1) Ass d'Dispositioun, datt Gemengeconseilleren an enger Gemengerotssitzung net dierfen zu engem Punkt um Ordre du Jour d'Wuert ergräifen, mam Gemengegesetz kompatibel?

De Reglement d’ordre interne (ROI) vum Gemengerot vun der Gemeng Péiteng deen de Gemengerot a senger Sëtzung vum 27. November 2023 gutt geheescht hutt gesäit keng Dispositioun vir déi engem Gemengeconseiller net erlabe géif d’Wuert ze ergräifen.

De Gemengerot ass een *Organe délibérant*. Dat heescht, dass iwwer d’Punkten déi um Ordre du Jour stin diskutéiert an eventuell décidéiert gëtt. D’Membere vum Gemengerot hun grondsätzlech d’Recht dozou d’Wuert ze ergräifen a Froën ze stellen. D’Ausüben vun dem Recht kann vum ROI geregelt, awer net op eng déraisonnabel Manéier ageschränkt gin.

2) Ass d'Dispositioun, datt nëmmen d'Schäffen oder de Buergermeeschter dierfen zu engem Punkt um Ordre du Jour schwätzen, mam Gemengegesetz kompatibel?

Well et keng spezifesch Dispositioun am ROI gëtt déi dëst virgesäit, schéngt sech dës Fro net ze stellen. Ech verweisen ausserdeem op d‘Äntwert op d’Fro 1.

3) Falls déi vireg Dispositioune konform mam Gemengegesetz sinn, wéi ass dann d'Gläichheet an d'Gläichbehandlung tëschent de Memberen am Gemengerot respektéiert?

Mir verweisen op d’Äntwert op d’Froën 1 an 2.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN